N°6777
Entrée le 06.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.09.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chambre des Députés**

Lëtzebuerg, den 6. September 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro zu de Photovoltaikanlagen (PV) an der Landwirtschaft un den Här Energieminister weider ze leeden.

Den Ausbau vun de Photovoltaikanlagen (PV) ass essentiell fir dass ons d'Energietransitioun geléngt, souwéi dass mir ons méi onofhängeg vun de fossillen Energië maachen. Momentan ginn et awer nach Erausfuerderunge beim Ausbau vun der Solarenergie an der Landwirtschaft. Op Opruff vun der Centrale Paysanne kristalliséieren sech virun allem zwee Problemer eraus: di allgemeng Infrastruktur an d'Käschten di duerch en zousätzlechen Uschloss an/oder en eegene Transformator erstinn. Éischtens ass et an verschiddene Regioune vum Land anscheinend net méiglech en Uschloss vun enger Solaranlag un d'Niddregspannungsnetz ze autoriséieren. Zweetens kënne modern PV net ëmmer un d'Niddregspannungsnetz ugeschloss gi bzw. d' Leitunge sinn net performant genuch fir di geliwwert Spannung ouni Sécherheetsrisiko entgéint ze huelen. Hei muss de Landwirt dann en zousätzlechen Uschloss an/oder en eegene Transformator op seng Käschten installéieren.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Ministere stellen:

- Kann de Minister bestätegen, dass net iwwerall am Land Solaranlagen un d'Niddregspannungsnetz kënnen ugeschloss ginn ? Wann jo wéi eng Regioune sinn dat? Wann jo firwat ass dat esou? Wéi eng Mesurë plangt de Minister fir dëse Problem schnellstméiglech ze behiewen?

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

- Plangt de Minister eng Subventioun (oder enge aner Mesure) fir de Leit bei der Installatioun vun engem zousätzlechen Uschloss an/oder engem eegene Transformator ze hëllefen?

Här President mir bieden Iech onsen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéierten

Paul Galles

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, a vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, Claude Haagen, op d'parlamentaresch Fro n°6777 vum 06. September 2022 vun den éierbaren Deputéierte Martine Hansen a Paul Galles iwwert "Installations photovoltaïques en milieu agricole".**

1. **Kann de Minister bestätegen, dass net iwwerall am Land Solaranlagen un d'Niddregspannungsnetz kënnen ugeschloss ginn ? Wann jo wéi eng Regioune sinn dat? Wann jo firwat ass dat esou? Wéi eng Mesurë plangt de Minister fir dëse Problem schnellstméiglech ze behiewen?**

Laut dem Artikel 5 (1) vum Stroumgesetz[1] muss dee jeeweilege fir déi Regioun designéierte Stroumnetzbedreiwer all Ufro fir ee Raccordement un den ëffentleche Reseau nokommen. Dat gëllt och fir all Solaranlagen iwwerall am Land. Allerdéngs ass dee Raccordement un eng Rei Konditioune geknëppt. Esou mussen zum Beispill all noutwenneg Autorisatioune fir déi Anlag ausgestallt sinn, déi raccordéiert soll ginn an den Demandeur muss fir d'Käschte vum Raccordement opkommen(Artikel 5 (4) a (6)).

2. **Plangt de Minister eng Subventioun (oder eng aner Mesure) fir de Leit bei der Installatioun vun engem zousätzlechen Uschloss an/oder engem eegene Transformator ze hëllefen?**

D'Käschte vun engem Standard Raccordement gi bei der Berechnung vum Aspeisetarif fir Photovoltaik consideréiert, a bei Anlagen ab 200 Kw, déi am Kader vun engem Appel à Projets proposéiert ginn, kënnen doriwwer eraus och weider Käschten, wéi beispillsweis een neien Transformator, bei deenen Offeren integréiert ginn.

Lëtzebuerg, de 7. Oktober 2022
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie

[1] Loi modifiée du 1er août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité